

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Asyl- an Immigratiounsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro N°4522 vum 18. Juni 2021 gouft Dir gefrot, ob der Regierung Donnéeë virleien, wat d'Finanzéierung vu Scheedunge vun eritreeesche Staatsbierger zu Lëtzebuerg betrëfft, an ob zum Zweck vun esou Scheedungen Affekoten iwwer d'assistance judiciaire bezuelt ginn. Dorop huet d'Regierung folgendermoosse geäntwert: "Der Regierung leie keng Donnéeë vir, wat d'Finanzéierung vun dëse Scheedunge betrëfft."

Weiderhi gouf d'Regierung gefrot, wéi vill vun dëse Leit am Moment, wou si sech scheede loossen, hei zu Lëtzebuerg de Revenu d'inclusion sociale kréien. Op déi Fro huet d'Regierung geäntwert, datt de Fonds national de solidarité, deen dem Familljeministär ënnerstallt ass, keng Statistike féiert, wat d'Nationalitéit vu Revisbezéier ugeet.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister an un d'Madamm Ministesch:

- 1) Kann d'Regierung preziséieren, datt déi 62 Scheedunge vun eritreeesche Staatsbierger, déi tëscht 2018 an 2021 vu Lëtzebuerger Geriichter gesprach goufen, net iwwer Lëtzebuerger Steiergelder finanzéiert goufen? Firwat gëtt et dozou keng Statistik?
- 2) Kann d'Regierung erklären, firwat de Fonds national de solidarité, deen dem Familljeministär ënnerstallt ass, keng Statistike féiert, wat d'Nationalitéit vu Revisbezéier ugeet? Heescht dat konkret, datt een, fir de Revis ze kréien, a senger Demande net mol déi eegen Nationalitéit muss uginn?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser

Deputéierten

